A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Kapitel 7

Léisungen Kapitel 7

Gesond liewen Säit 108-109

1. Kuckt d'Fotoen. Wéi liewen d'Leit? Schwätzt a spekuléiert zu zwee, z. B. iwwert Iessgewunnechten, Sport, Wunnsituatioun.

Zum Beispill:

1. Ech mengen, déi Fra ass eleng oder si wunnt an engem Altersheim.
4. Vläicht huet de Jong säin éischte Schouldag.
5. Ech mengen, dee Mann um Vëlo huet eng gutt Gesondheet. Hie mécht gär Sport.

2. Lauschtert a liest d'Texter. Wat fir en Text passt bei wat fir eng Persoun? Kombinéiert. *137-142*

Léisungen Kapitel 7

Beim Dokter Säit 110

1. Liest de Vocabulaire an der Këscht a kuckt d'Schëltercher. Wéi nenne mir dës Leit op Lëtzebuergesch? Schreift dat lëtzebuergescht Wuert bei dat richtegt Schëldchen.

2. Lauschtert d'Gespréicher. Bei wie ginn d'Patienten? Lauschtert an notéiert d'Zuel bei déi méiglech Schëltercher. *143-147*

Dr Viviane Coljon
Médecin spécialiste en dermato-vénérologie
Hautdokter

Dr Frank Sala
Médecin spécialiste en ophtalmologie
1
Aendokter

Dr Martin Van Vooren
Médecin spécialiste en pédiatrie
Kannerdokter

Vesna Rowicka
Cabinet de Kinésithérapie
3
Kiné

Dr Lucien Medinger
Médecin spécialiste en psychiatrie
Psychiater

Dr Antonia Vasquez
Cabinet vétérinaire
Déierendokter

Dr Vanessa Rahic
Médecin dentiste
5
Zänndokter

Dr Arthur Wiesler
Médecin spécialiste en gastro-entérologie
2
Gastrolog

Dr Agnes Roth
Médecin spécialiste en gynécologie-obstétrique
4
Fraendokter

Dr David Saurfeld
Médecin généraliste
2/3
Hausdokter

3. Bei wie musst Dir goen? Liest d'Beispiller a schwätzt zu zwee.

- Ech si schwanger.
- *Meng Kaz huet eng Entzündung am A.*
- Mäi klengt Meedchen ass krank.
- *Ech hunn all Dag de Bauch wéi.*

- Ech gesinn net méi gutt.
- *Ech si schonn e puer Méint richteg depriméiert.*
- Ech kréien net gutt Loft a meng Nues ass ëmmer zou.

- *Meng Muskele si ganz haart a verspaant.*
- Ech brauch eng Ordonnance fir eng Bluttanalys.
- *Ech hu rout Plazen um Aarm an op de Been.*

- *Da muss du bei de Fraendokter goen.*
- Da muss du bei **den Déierendokter** goen.
- *Da muss du* **bei de Kannerdokter goen.**
- **Da muss du bei den Hausdokter oder bei de Gastrolog goen.**
- **Da muss du bei den Aendokter goen.**
- **Da muss du bei de Psychiater goen.**
- **Da muss du bei den Hausdokter oder bei den Ouerendokter goen.**
- **Da muss du bei de Kiné goen.**
- **Da muss du bei den Hausdokter goen.**
- **Da muss du bei den Hautdokter goen.**

Léisungen Kapitel 7

Beim Dokter Säit 111-112

5. Kuckt d'Biller a liest d'Dialogstécker. Setzt den Dialog an déi richteg Reiefolleg.

5
- Voilà, hei ass Är Rechnung. Wëllt Dir direkt bezuelen oder iwwerweist Dir dat?
- *Kann ech mat der Kaart bezuelen?*
- Jo, natierlech!
- *Da bezuelen ech direkt. Hei ass meng Kaart.*
- Da gitt w.e.g. Äre Code an … Voilà, w.e.g., Är Kaart an Är Rechnung. Ech wënschen Iech nach e schéinen Dag.
- *Merci gläichfalls. Äddi.*

2
- Dréint de Kapp w.e.g. e bëssen op d'Säit, ech kucke gär Är Oueren … Hmm, do ass awer näischt.
- *Ah sou? Si dinn awer esou wéi!*

1
- Bonjour Madame Kremer. Wéi geet et Iech?
- *Oh, net immens. Ech hu meng Oueren immens wéi.*
- Wéi laang hutt Dir dat da schonn?
- *Ma zënter zwee Deeg. Ech kann nuets net schlofen, esou schlëmm ass et.*
- Hutt Dir och Féiwer?
- *Jo, gëschter hat ech 38,5.*
- Da kommt, setzt Iech emol hei op d'Brëtsch.

3
- Da maacht emol Äre Mond op, ech kucken Ären Hals … Oh jo, deen ass ganz rout. Hutt Dir dann och den Hals wéi?
- *Jo, en deet e bësse wéi. Awer net esou vill wéi d'Oueren.*
- D'Ouerewéi kënnt vum Hals, Dir hutt eng zolidd Angine.
- *Oh mei! Wat kann een dogéint maachen?*

4
- Ech muss Iech Antibiotika verschreiwen. Dir hutt jo keng Allergie géint Penicilline?
- *Nee. Mä et gëtt mer ëmmer schlecht vun den Antibiotika.*
- Da verschreiwen ech Iech och nach eppes fir de Mo. Ech mengen, et ass och besser, Dir bleift e puer Deeg doheem.
- *Jo, ech fille mech och ze schlecht, fir schaffen ze goen.*
- Ech schreiwen Iech bis Enn der Woch krank.
- *An der Rei.*
- Voilà, hei ass Äert Rezept an Äre Krankeschäin.
- *Merci.*
- Äddi Madame Kremer, an eng gutt Besserung.
- *Äddi!*

7. Liest a lauschtert d'Texter an den Denkblosen.Wat ass richteg? Kräizt un. *148-151*

De Patient 1
- ◯ ass gedëlleg
- ◯ hat kee Rendez-vous
- ☒ fënnt, datt et laang dauert

De Patient 2
- ◯ ass bleech am Gesiicht
- ☒ geet all Joer bei den Dokter
- ◯ huet héije Bluttdrock

De Patient 3
- ◯ huet eng Erkältung
- ☒ fäert d'Bazillen
- ◯ huet näischt wéi

De Patient 4
- ☒ huet Angscht
- ◯ huet eng schlëmm Krankheet
- ◯ muss nach Analyse maachen

Léisungen Kapitel 7

Beim Dokter Säit 113

8. Déi véier Persoune schwätze mam Dokter. Kuckt d'Sätz an der Këscht. Lauschtert d'Dialoger e puermol an ergänzt d'Texter.

152-155

Dialog 1
D: Bonjour, Här Mayer, wéi geet et Iech?
P1: Oh, alt esou.
D: Wéi ass et mat den neie Pëllen?
P1: Ma ech **verdroe si guer net gutt**. Et ass mir ëmmer esou dronken.
D: Ah sou? Da verschreiwen ech Iech anerer.
P1: Jo, ech hoffen, datt ech déi besser verdroen. Ech fäerten ëmmer, datt ech muss operéiert ginn.
D: Keng Angscht, **esou séier braucht Dir keng Operatioun**.

Dialog 2
D: Bonjour Madame Milinski! An? Ass alles an der Rei bei Iech**?**
P2: Merci, alles tipptopp.
D: Dir kommt fir eng Routinekontroll?
P2: Jo, et ass erëm **Zäit fir eng Bluttanalys**.
D: Hat Dir dat lescht Joer keng Problemer?
P2: Nee, guer näischt. Ech hu just e puer Kilo zougeholl.
D: Da kommt, leet Iech heihinner, **ech moossen nach de Bluttdrock**. An da klammt Dir op d'Wo.

Dialog 3
D: Bonjour Här Lommel,wéi geet et Iech?
P3: Bis elo hunn ech just de Réck wéi.
D: Bis elo?
P3: Jo, am Wartesall **houschten a schnäizen** esou vill Leit. Ech fäerten ëmmer, datt si mech ustiechen.
D: Dir braucht net ze fäerten, esou séier geet dat net. Da sot mer mol, **wou deet et Iech da wéi**?
P3: Ma hei ënnen, wann ech mech bécken, …

Dialog 4
D: Bonjour Madame Sabus, wéi geet et Iech?
P4: Ech sinn esou nervös. Si meng **Resultater net an der Rei**?
D: Maacht Iech keng Suergen. Ech géing just nach gär e puer Saachen checken.
P4: Muss ech nach eng Bluttanalys maachen?
D: Am Moment net. **Ech lauschteren nach eng Kéier** Äert Häerz an Är Longen of, vläicht musse mir eng Echographie maachen.
P4: Ech fille mech déi lescht Zäit och ëmmer esou midd.

Léisungen Kapitel 7

An der Urgence Säit 114

2. Kuckt d'Fotoen. Wat hunn d'Leit? Schreift de richtege Saz ënnert d'Illustratiounen.

1

Hatt huet héicht Féiwer.

2

Hien huet sech an de Fanger geschnidden.

3



Hien huet d'Zänn wéi.

4

Si huet d'Hand verbrannt.

5



Si huet de Blinddarm entzünt.

6

Hien huet d'Bee gebrach.

3. Liest den Dialog nach eng Kéier. Wie vun de sechs Leit op de Fotoen ass mat der Ambulanz an d'Klinick komm? Schreift d'Nummeren op.

2 4 5 6

Léisungen Kapitel 7

An der Urgence Säit 115

4. Liest d'Sätz a komplettéiert mat: ***wéi, verstaucht, gebrach, entzünt, verbrannt****. Vergläicht duerno mat Ären Noperen.*

1. Hien huet d'Aen *entzünt / wéi*.
2. Si huet den Aarm **gebrach / wéi / verbrannt**.
3. Hatt huet de Bauch **wéi**.
4. Hien huet de Blinddarm **entzünt**.
5. Si huet de Fouss **gebrach / verstaucht / wéi / verbrannt**.
6. Hatt huet d'Gesiicht **verbrannt**.
7. Si huet de Kapp **wéi**.
8. Hien huet de Knéi **verstaucht / wéi / verbrannt**.
9. Si huet de Réck **wéi / verbrannt.**
10. Hatt huet d'Zänn **wéi / entzünt**.

5. Lauschtert d'Dialoger. Liest d'Sätz. Ass dat richteg oder falsch? Kräizt un.

157-160

		R	F
1	Dem Paul säi Fouss ass gebrach.	☐	☒
2	D'Isabelle huet de Kapp wéi.	☐	☒
3	D'Monique huet e Sonnebrand op de Schëlleren.	☒	☐
4	D'Pascale huet ze vill giess, dofir huet hatt de Bauch wéi.	☐	☒

Léisungen Kapitel 7

An der Apdikt Säit 116

2. Wat kritt Dir net an der Apdikt? Kräizt uewen un.

 Pëll ☐

Plooschter ☐

Krätsch ☒

Verband ☐

Thermometer ☐

Sirop ☐

Liesbrëll ☐

Sallef ☐

Kompressiounsstrëmp ☐

Zännbiischt ☐

Téi ☐

Desinfektiounsmëttel ☐

3. Firwat braucht Dir déi Saachen? Kombinéiert.

1	Ech huelen eng Pëll,	a	well ech d'Hand verstaucht hunn.
2	Ech brauch eng Plooschter,	b	well ech de Kapp wéi hunn.
3	Ech brauch Krätschen,	c	well een déi all zwee Méint wiessele soll.
4	Ech kafen e Verband,	d	well ech mech an de Fanger geschnidden hunn.
5	Ech brauch en Thermometer,	e	well ech den Houscht hunn.
6	Ech huelen e Sirop,	f	well ech Problemer mat Varicen hunn.
7	Ech brauch e Liesbrëll,	g	well ech d'Bee gebrach hunn.
8	Ech brauch eng Sallef,	h	well ech d'Féiwer moosse muss.
9	Ech brauch Kompressiounsstrëmp,	i	well ech net méi gutt gesinn.
10	Ech brauch eng Zännbiischt,	j	well ech en Ausschlag hunn.
11	Ech drénke Kamillentéi,	k	well ech eppes desinfizéiere muss.
12	Ech brauch en Desinfektiounsmëttel,	l	well ech de Bauch wéi hunn.

Léisung:

1b, 2d, 3g, 4a, 5h, 6e, 7i, 8j, 9f, 10c, 11l, 12k

Léisungen Kapitel 7

An der Apdikt Säit 117

5. Liest a lauschtert d'Extraiten aus den Dialoger an der Apdikt. Wie schwätzt? De Client / d'Cliente (C) oder den Apdikter / d'Apdiktesch (A)? Schreift C *oder* A *hannert de Saz.*

164

1. Ass Ären Houscht dréchen oder lass? **A**
2. Dat kritt ee leider net ouni Rezept. **A**
3. Den Dokter sot, ech soll mol eng aner Zort probéieren. **C**
4. Dir musst déi Pëlle beim Iessen huelen. **A**
5. Ech kréien nach e Medikament géint den Duerchfall. **C**
6. Ech maachen Iech eng Kopie, Dir kritt d'Pëllen nach fir 6 Méint. **A**
7. Et ass u mir. **C**
8. Hutt Dir eng Ordonnance vum Dokter? **A**
9. Kennt Dir dat Medikament schonn? **A**
10. Mäi Meedchen huet esou rout Plazen op de Been. **C**
11. Sidd Dir schwanger? **A**
12. U wiem ass et? **A**
13. Wéi al ass äre Jong? **A**
14. Wéi ass Är Matriculesnummer? **A**
15. Wéi dacks muss ech d'Sallef dropmaachen? **C**
16. Wëllt Dir eng kleng oder eng grouss Packung? **A**

Léisungen Kapitel 7

E puer Rotschléi Säit 118

1. Liest a lauschtert den Dialog. Ënnersträicht d'Rotschléi. *165*

\+ Oh Isabel, du bass nach méi dënn wéi soss.
\- Jo, an de leschte Wochen hunn ech nach emol zwee Kilo ofgeholl.
\+ Wéi méchs du dat nëmmen? Kanns de mer vläicht e puer Rotschléi ginn? Ech wëll och e bëssen ofhuelen, mä dat fonktionnéiert net esou richteg.
\- Wichteg ass: du muss konsequent sinn. Ech weess, fir dech ass dat net einfach.
\+ Wat heescht dat dann?
\- Ech kennen dech jo. Du sees: Haut wëll ech keen Dessert. An da bestells du dir awer e Stéck Taart oder eng Glace.
\+ Nom Iesse brauch ech einfach eppes Séisses.
\- Du däerfs jo heiansdo e Stéck Schockela iessen. Dat ass guer kee Problem. Mä et muss schwaarze Schockela sinn.
\+ Schwaarze Schockela ass awer esou batter. Ech hunn dee mat Mëllech vill léiwer.
\- Eieiei. Du solls awer keng esou Séissegkeeten iessen! Du solls och net ze vill Kuelenhydrater iessen: Brout, Räis, Gromperen, dat alles mécht déck.
\+ Ah gutt, ech iesse jo kee Brout.
\- Dach, gëschter hues du beim Mëttegiessen zwee Stécker Brout giess. An och nach mat Botter!!
\- Bass du bei der Diätpolice, oder wéi?
\+ Wëlls de ofhuelen oder net?! Da lauschter gutt no: Du solls kee Brout iessen, wéineg Fleesch, a vill Geméis. Du kanns natierlech och Uebst iessen, mä pass op, do ass och vill Zocker dran.
\+ Oh Mamm, ech hunn déi meescht Geméiszorten awer guer net gär. An op meng gutt Wäinzoossisse verzichten? Dat gëtt och net einfach.
\- Wéi gesot, du muss konsequent a staark sinn. Ech iesse just nach zwee Mol den Dag, Müsli an eng kleng Zalot.
\+ Bass du dann net ze vill hongereg?
\- Dach, mä dat ass mir egal. Ech drénke vill, dat hëlleft. Et soll ee jo souwisou op d'mannst annerhallwe Liter den Dag drénken.
\+ Dat maachen ech! Moies mäi Kaffi an en Orangëjus, duerno…
\- Domat ass natierlech annerhallwe Liter Waasser gemengt!
\+ Ah sou! A wat ass mam Kaffi?
\- Du däerfs kee Kaffi a kee schwaarzen Téi drénken!
\+ Oh nee!

3. Wat fir Rotschléi kann d'Martine dem Isabel ginn? Liest d'Sätz a fannt nach dräi Beispiller.

Du solls net ëmmer esou konsequent sinn.

Du solls heiansdo en Dessert iessen.

Du solls vun Zäit zu Zäit e puer Gromperen iessen.

Du solls net ëmmer just Waasser drénken.

Du solls net déi ganzen Zäit op d'Kalorien oppassen.

Du solls net esou vill Diäte maachen.

Léisungen Kapitel 7

Um Telefon Säit 119

1. Liest d'Sätz. Wat fir Sätz sinn Deel vun engem Telefonsgespréich (G), wat fir Sätz komme vun enger Maschinn (M)? Schreift G *oder* M *bei de Saz.*

G Ech géing gär mam Här Weiler schwätzen.

G Oh entschëllegt, et ass en Iertum!

M Äert Gespréich gëtt gehalen, hutt w.e.g. ee Moment Gedold.

G Hallo, hei ass Feiereisen. Hallo? ... Wien ass do?

M Äre Korrespondent ass de Moment net ze erreechen, rufft w.e.g. méi spéit nach eng Kéier un.

G Ee Moment, w.e.g. Ech verbannen.

G Ech muss elo anhänken, mir hu laang genuch geschwat.

M Mir sinn de Moment net do, hannerloosst w.e.g. e Message oder rufft méi spéit nach eng Kéier un.

2. Lauschtert e puermol an ergänzt d'Telefonsgespréicher. 166-167

1
+ Cabinet Dr Wampach, Bonjour.
- Moien, kann ech w.e.g. mam Dokter Wampach schwätzen?
+ **Wien ass um Apparat**, wann ech gelift?
- Oh Pardon, mäin Numm ass Becker, Elizabeth Becker.
+ Madame Becker, **den Dokter huet de Moment e Patient**. Kann ech Iech vläicht weiderhëllefen?
- Nee, ech wëll perséinlech mam Dokter schwätzen. Wéini kann ech hien dann erreechen?
+ **Probéiert et de Mëtteg** nach eng Kéier. Do huet den Dokter manner Patienten.
- Merci. **Dat maachen ech**. Äddi!
+ Awar, Madame.

2
+ Flammang.
- Salut Samuel. Ech sinn et, d'Yola.
+ Moie Yola, an? Wéi geet et?
- Gutt, gutt. Ech hu just **e Problem mat mengem Knéi**.
+ Wat hues de da gemaach?
- Ech weess et net genee. Mä ech hu mer virun enger Woch beim Jogge wéi gedoen, an et gëtt net besser. Du bass dach **bei engem Sportsdokter**?
+ Jo, beim Dokter Geller. Deen ass wierklech super.
- Ma genee dofir wollt ech mat dir schwätzen. **Kanns de mer seng Nummer ginn**?
+ Jo, kee Problem, ech schécken der se per SMS. Mat e bësse Chance kënns du séier bäi.
- An der Rei. Schéck mer d'Nummer. **Ech probéieren direkt, e Rendez-vous ze kréien**.
+ Maachen ech. Bis geschwënn.
- Jo, bis geschwënn. Merci Samuel!

Léisungen Kapitel 7

Um Telefon Säit 120

4. Lauschtert d'Telefonsgespréicher a beäntwert d'Froen. *168-171*

	1	2	3	4
a. Wie rifft un?	Fred Mossong	Luc	Accueil INL	Jessica
b. Bei wie rifft d'Persoun un?	Kiné Dos Santos	Laurent	Här Schreiner	Tania Becker
c. Ass d'Gespréich familiär oder formell?	formell	familiär	formell	familiär
d. Wat ass de Sujet vum Gespréich?	• eng Excuse • e Rendez-vous • eng Invitatioun	• e Jonggesellen-abschid feieren • e Virstellungs-gespréich • e Rendez-vous	• Aschreiwung an e Cours • Kontakt mat engem Proff • eng Reklamatioun	• eng Excuse • babysitten • eng Invitatioun

5. Liest d'Sätz vun den zwee Dialoger. Wéi komme se der Rei no? Nummeréiert.

1
+ Hallo, hei ass Schmitt.
- Jeanne, bass du et?
+ Nee, hei ass d'Dany Schmitt.
- Ass do net de 681 45 98 76?
+ Nee Monsieur, hei ass de 681 45 88 76.
- Oh entschëllegt, dann hunn ech mech geiert.
+ Dat ass kee Problem. Äddi, Monsieur.
- Äddi.

2
+ Cabinet Dokter Richards, Bonjour.
- Moien, mäin Numm ass Faber. Ech géing gär mat der Madame Da Costa schwätzen.
+ Monsieur, Dir hutt eng falsch Nummer gewielt. Hei gëtt et keng Madame Da Costa.
- Ech hunn den 28 34 65 20 gewielt, ass dat net richteg?
+ Dach, dat ass tatsächlech eis Nummer. Mä an eisem Cabinet schafft awer keng Madame Da Costa.
- Oh, da muss ech dat nach eng Kéier nokucken. Entschëllegt, datt ech gestéiert hunn.
+ Dat mécht näischt. Awar.
- Äddi.

Léisungen Kapitel 7

Um Telefon Säit 121

9. Lauschtert d'Messagen. Wat héiert Dir? Maacht e Kräiz. *174*

	1	2	3	4	5
Dir héiert en Numm.	X		X	X	X
Dir héiert eng Telefonsnummer.		X	X		
Dir sollt eng Noriicht hannerloossen.	X	X			X

10. Lauschtert d'Messagen. Firwat ruffen d'Leit un? Kräizt un. *175-182*

	fir eppes ze froen	fir ze informéieren	fir ze invitéieren	fir ze reklaméieren
1		X		
2				X
3	X			
4		X		
5	X		X	
6	X			
7	X			
8				X

Léisungen Kapitel 7

Projeten Säit 122

2. De Paul an d'Marie treffe sech a schwätzen iwwert hir Projeten. Wat fir Froe kënne si sech stellen? Schafft an der Grupp an notéiert fënnef Froe fir de Paul a fënnef Froe fir d'Marie iwwert Ernärung, Training a Gesondheet. Eng aner Grupp sicht duerno Äntwerten op Är Froen.



Zum Beispill:

Froe fir de Paul:

- Méchs du oft esou Projete wéi deen op der Schimpansefarm a Guinea?
- Méchs du dat als fräiwëlleg Aarbecht oder gëss du bezuelt?
- Schaffs du léiwer mat klengen oder mat groussen Déieren?

...

Froe mir d'Marie:

- Wou hues du vun dem Projet a Finnland héieren?
- Wéi grouss ass d'Equipe, déi do matgeet?
- Hues du dech och schonn an aner Organisatiounen engagéiert?

....